Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Groupe Sainte Marie Kayl | Becker Jean | 621 792 715 | jangbecker@yahoo.de

Léif Cheftainen a Chefs,
Dëst Joer ass de **Wëllefchersrallye den 28. Abrëll 2019 zu Käl.**

Dem BP seng Ketten, déi en vum Dinizulu geschenkt kritt huet, ass leider opgefuer an all Pärelen sinn verschwonnen. Elo brauch hien Hëllef fir esou vill Päerelen wéi méiglech ze fannen vir seng Ketten erëm kënnen ze flécken.

Mir sinn op är Hëllef ugewisen fir dem BP seng Ketten ze flécken.

Dofir mellt Iech w.e.g. bis **spéitstens de 3. Mäerz 2019 per Email op jangbecker@yahoo.de un.**

Deelt eis w.e.g den Numm vum Ruddel, d'Unzuel vun den Wëllef an vun den Chef souwéi en Responsabelen mat.

Sot eis och w.e.g och op dir den Transport wëllt organiséiert kréien. Wann dat den Fall ass, dann sot eis w.e.g. wéi vill Chef den ëffentlechen Transport gratis hunn.

De Rallye kascht 12 Euro fir Wëllef, a 6 Euro fir Chef. Am Präis inclus sinn den Transport souwéi e Badge fir all Participant.

Är Umeldung ass eréischt definitiv, wann dir d'Suen iwwerwisen huet.

**LU03 0030 1201 5405 0000**
**LS Grupp St. Marie Käl**

**Kommunikatioun : „Wëllefchersrallye + Numm vum Rudel „**

Jiddereen soll fir Mëttes säin Picknick selwer matbréngen. Mir wäerten **net** grillen oder Gedrénks verkafen. Waasser gëtt awer den ganzen Dag fir näischt ausgedeelt. Aus deem Grond ass et wichteg, dat all Participant en Bidon vun 1 L dobäi huet.

All wieder Informatiounen iwwert den Transport an déi genee Auerzäiten kritt dir per Email.

Bei Froen kennt dir Iech per Email bei eis mellen : jangbecker@yahoo.de

Mat beschten Scoutsgréiss,
Grupp Sainte Marie Käl